Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Lëtzebuerg leit aktuell ënnert eng Epidemie vu Bronchiolite-Fäll. D'Better an der Kannerklinik si momentan alleguer beluecht an d'Kapazitéite an der Pediatrie si méi ewéi ausgelaascht. Dowéinst gouf och schonn eng Krisenzell en Place gesat, déi e Plang ausschaffe soll, fir ze kucken, wéi d'Kapazitéiten u pediatresche Better ka kuerzfristeg erop gesat ginn. Des Weidere kënnt et och zu sougenannten Deprogrammatiounen, fir dass pediatresch Chirurgie-Interventiounen, déi net urgent sinn, verréckelt gi.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ginn opgrond vun de komplett beluechte Better an den iwwerlaaschte Kapazitéiten an der Pediatrie krank Kanner op aner Statiounen transferéiert?

2. Wat gëtt gemaach fir kuerzfristeg méi pediatresch Better zur Verfügung ze stellen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten